# Sprachferien

# Nizza 2009

---

No enger ustrengender Busrees si mir Sonndesowes vun den Animateure vum Parc Imperial frëndlech empfange ginn.

D'Zëmmere vum Internet waren zwar éischter spartanesch ageriicht, mee duerfir hate mir vum 3. an 4. Stack eng super Vue iwwert ganz Nice an d'Mëttelmier.

Schonns de nächsten Moïen ass et lass gaange mat de Coursen, dat heescht vir d'éischt gouf een Test gemaach fir d'Schüler no hirem Niveau op déi eenzel Klassen opzedeelen. Et war nët esou einfach fir sech un de Rhythmus Schoul (vun 9-12 Auer) an Vakanz (de Rescht vum Dag) ze gewinnen. Am Laf vun den Deeg ass et ëmmer méi schwéier gefall fir mueres motivéiert a ausgerout un de Franséischcoursen deelzehuelen. Mee no engem ustrengende Mueren konnt Nomëttes jo entspaant ginn. Sou um Beispill op der Plage, beim Shopping oder um Site selwer wou een och Futtball, Basket…oder awer Wii konnt spillen. Owes hate mir och d'Méiglechkeet fir mat der Navette vum Parc Imperial op Nice ze fueren fir do vun der südlännescher Ambiance an der flotter Stroossenanimatioun ze profitéieren, eng gutt Glace z'iessen, oder e bësschen ze shoppen.

Och Ausflich stoungen um Programm, wéi zum Beispill op Monaco wou mir e.a. de Plais vum Prënz Albert II an de Musée Océanique gesinn hunn, oder Saint Tropez mat sengem Yachthafen, senge chicen Boutiquen an der berühmter Gendarmerie aus den Filme mam Louis de Funes. Mir waren, wann och nëmmen kuerz, op enger Promi-Plage bei Saint Tropez, wou besonnesch eis Jonge vun den deieren Yachten an de Luxusautoen begeeschtert waren.

Obwuel d’Kantinsiessen nët jidderengem geschmaacht huet, an d’Sproochecoursen ustrengend waren, war d’Ambiance gutt an et goufen vill nei Andréck an Erfahrungen mat heem geholl.

EC